



Club Senior Nordstad

Adresse postale:

B.P. 54

L - 9001 ETTTELBRUCK

Léif Seniorinnen a Senioren,

dës Zäit an der sozialer Distanz zu aneren Mënschen ass fir eis alleguer friem a gëtt engem villäicht och d'Gefill eleng ze si.

D'Equipe vum Club Senior Nordstad wëllt lech de Message ginn, dat mer och op Distanz mat lech wëllen a Kontakt bleiwen iwwer Telefon, iwwer E-Mail, iwwer Facebook. Dat heescht, wann Dir de Besoin huet ze schwätzen oder wann Dir eppes braucht, dunn rufft bei eis un. Telefon 26813743

Et ass eng Zäit, wou mir och vill nodenken iwwert dat wat eis beweegt a wou mer och gären eis Solidaritéit vis à vis vum medezineschen Personal an de Cliniquen, bei den Flegedéngschter an an den Altersheemer zum Ausdrock bréngen. Zesummen mat der Ettelbrécker Clinique an der Maison des Associations géifen mir lech gären invitéieren eis, Är Gedanken, Gedichter, Texter, Biller, Lidder, etc. zum Thema Solidaritéit a Courage ze schécken. Schreift an der Sprooch an der Dir lech wuel spiert an wou Dir am beschten dat kéint soen, wat Dir wëllt zum Ausdrock bréngen.

Et ass ee „MILLEFEUILLE“ an mir leeden all Är Messagen un déi virun, déi elo an der Clinique schaffen oder als Patient do am Moment ouni Besuch mussen bleiwen, an och un eis Altersheemer, wou am Moment d'Bewunner keen Besuch däerfen empfanke.

Mir mengen et wier schéin, wann mir hinnen ee klengt Zeechen vun Solidaritéit an Empathie kéinten schécken, dat si wëssen, dat mir hei baussen un si denken.

Schéckt eis alles eran per E-Mail: nordstad@vital-an-aktiv.lu oder mat der Post: Club Senior Nordstad, Boîte Postale 54, L-9001 ETTTELBRUCK

An dem Sënn wënschen mir lech alleguer BLEIFT DOHEEM A BLEIFT GESOND!

Passt gutt op lech op an haalt lech genee un dat wat de Gesondheetsministère recommandéiert.

Alles Guddes fir Iech an Är Famill

Är Equipe vum Club Senior Nordstad

Barbara, Tom, Daniela, Myriam



Club Senior Nordstad

Adresse postale:
B.P. 54
L - 9001 ETTTELBRUCK

Chers seniors,

ce temps d'isolement social par rapport à notre entourage nous est inconnu et certains d'entre nous ont peut-être l'impression de se retrouver seul(e).

L'équipe du Club Senior Nordstad aimerait vous passer le message que malgré le fait que notre bureau restera forcément fermé au public, nous souhaitons rester en contact avec vous, soit par téléphone, soit par mail ou Facebook. Si vous ressentez le besoin de parler à quelqu'un ou si vous avez besoin d'informations, n'hésitez donc pas à nous contacter. Téléphone: 26813743

En ces temps difficiles, nous réfléchissons à tout ce qui nous tient au cœur et nous aimerions également exprimer notre solidarité avec le personnel médical des cliniques, des services d'assistance ou soins à domicile et dans les maisons de retraite. Ensemble avec le Centre Hospitalier du Nord et la Maison des Associations, nous vous invitons à nous envoyer vos pensées, poèmes, textes, images ou chansons etc. au sujet solidarité et courage. Exprimez-vous dans la langue qui vous conviendra le mieux pour formuler vos émotions.

Cette invitation s'appelle „MILLEFEUILLE“ et nous enverrons tous vos messages au personnel de l'hôpital et aux patients qui s'y trouvent actuellement sans pouvoir recevoir de la visite ainsi qu'aux pensionnaires des maisons de retraite qui ne voient ni familles ni amis dans la situation actuelle.

Nous sommes d'avis que ce serait un beau geste de leur faire part d'un signe de solidarité et d'empathie et de leur faire savoir que nous pensons à eux.

Envoyez-nous tout par mail: nordstad@vital-an-aktiv.lu ou par courrier: Club Senior Nordstad, Boîte Postale 54, L-9001 ETTTELBRUCK.

Nous vous prions de RESTER CHEZ VOUS ET DE RESTER EN BONNE SANTE !

Protégez-vous et suivez les recommandations et consignes du Ministère de la Santé.

Bonne continuation à vous et à vos proches!

L'Equipe du Club Senior Nordstad

Barbara, Tom, Daniela, Myriam